N°4742
Reçue le 31.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 30 AOUT 2021

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°4742 du 26 juillet 2021 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la sécurité des ponts, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Ufro N°4742 vum 26. Juli 2021 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen iwwer "Sécurité des ponts"**

*1) Wéi ass et generell bestallt ëm d'Sécherheet vun éise Brécken am Hibléck op eventuell zukünfteg Naturkatastrophe wéi Tornadoen, asw.?*

D'Brécke vum nationale Stroossereseau ginn no den aktuellen Normen, esou wéi den unerkannte Reegele vun der Technik geplangt a gebaut, soudass dës dem virgesinne Secherheetsusproch entspriechen. All dës Brécke ginn och a reegelméissegen Intervalle kontrolléiert, an et gëtt den noutwendegen Entretien gemaach.

*2) Gëtt et ee Gesamtbild, wat de Schued ugeet, deen d'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli un eise Brécken ugeriicht hunn?*

Ee Gesamtbild, wat de Schued ugeet, deen d'Iwwerschwemmunge vum 15. Juli un de Brécken ugeriicht hunn, a wéi en an deenen zwou folgende Wochen ersiichtlech war, ass an der folgender Tabell resuméiert:

| | Nombre OA's | Entretien | Petits défauts | Défauts mineurs | Défauts majeurs |
|---|---|---|---|---|---|
| Alzette | 83 | 16 | 8 | 0 | 0 |
| Our | 19 | 6 | 3 | 1 | 0 |
| Ernz | 6 | 3 | 1 | 1 | 0 |
| Ernz noire | 11 | 4 | 1 | 1 | 0 |
| Ernz blanche | 17 | 4 | 1 | 0 | 0 |
| Eisch | 20 | 0 | 2 | 1 | 0 |
| Mamer | 15 | 0 | 2 | 2 | 0 |
| Basse-Sûre | 29 | 12 | 3 | 0 | 0 |
| Pétrusse | 17 | 2 | 3 | 0 | 0 |
| **TOTAL** | **217** | **47** | **24** | **6** | **0** |

Vun 217 Brécke waren der 47, déi vun dem duerch d'Héichwaasser entstanene Dreck a Schlamm befreit gi sinn, 24, bei deene geréng Entretiensaarbechten néideg sinn a 6 Brécken, bei deene kleng Reparaturaarbechte musse gemaach ginn.

*3) Wat elo am Speziellen déi zwou Brécken op der E 421 (Angelduerf/Ierpeldeng) an am Zentrum vu Veianen ugeet: Sinn dës zwou Brécken duerch d'Iwwerschwemmunge beschiedegt ginn? Wa jo, wéi grouss ass den enstanene Schued?*

Aus renger Virsiicht sinn Ouvragen, ewéi zu Veianen, gespaart ginn. Dëst fir kënnen d'Offléisse vum Waasser ofzewaarden an duerno eng Bestandsopnam ze maachen.

Déi zwou ugeschwate Brécke goufe vun den Agente vun der Stroossebauverwaltung inspizéiert an et konnt kee Schued festgestallt ginn.